

Communiqué de Presse vum Grupp «De Lénger Drot»

Mat grousser Freet konnte mir gëschter an der Press liesen, dass den Tracé vum „Lénger Drot“ verluecht an un eis Propositionen ugepasst géing ginn.

Mir wollte Merci soen, de Responsabelen an deem Dossier, Merci dass Si no der Versammlung zu Kënzeg den Dialog mat de Bierger aus der Gemeng Käerjeng gesicht hunn an fir „besser“ Propositionen vum Tracé oppe waren.

Merci un d'Mataarbechter vun der Gemeng Käerjeng, déi eis an der Ausaarbechtung vum neien Tracé mat hirem Fachwëssen ënnerstëtzt hunn.

E grouse Merci awer och un de Här Buergermeeschter vun der Gemeng Käerjeng, den Här Michel Wolter, dee seng Bierger vum éischten Dag un ënnerstëtzt huet, hier Suergen eescht geholl huet an de Problem vun engem méigleche Fall vun afrikanescher Schwéngspescht an der Gemeng Käerjeng awer och zu Lëtzebuerg sou gutt ewéi méiglech wëllt verhënneren.

Ouni seng Ënnerstëtzung wiere mir wahrscheinlech net esou einfach op oppen Ouere gestouss.

Duerch d'Verleeën vum Tracé vum „Lénger Drot“ un d'Belsch Grenz ass d'Gefor vun der afrikanescher Schwéngspescht fir Lëtzebuerg awer nach ëmmer net aus der Welt geschaf. Grouss Suergen maache mir eis iwwe déi restlech 140 km Grenz mat der Belsch, déi nach ongeschützt sinn.

Do misst eis Regierung onbedéngt un enger Léisung schaffen. Schwéngspescht um Gebitt vum Stauséi oder am Éislek wieren eng Katastroph fir d'Landwirtschaft an den Tourismus zu Lëtzebuerg.